

Veräinswanderung vum „Cercle pédestre“



Fiels. Wéi all Joer sou hat och dëst Joer de Fielser Wanderveräin seng Memberen an „Helfer“ op eng Wanderung invitéiert. Als Streck war dëst Joer dem Veräin säi permanente Wanderwee mat Depart zu Chrëschtnech beim Golf eraus gesicht ginn. D'Wanderer konnten tëschent der méi schwéierer Streck vun

11 Kilometer oder der méi einfacher Streck vu 6 Kilometer wielen. Iwwer 30 Wanderer haten hir Wanderschong geschnallt a sinn duerch déi flott Mëllerdallregioun gewandert. Als Ofschloss stoung dat gesellt Zesummesinn am Restaurant vum Golf um Programm.
Guy Schiltz via mywort.lu